ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

D'Elektro-Autoen hunn ee Voltage vu ronn 80 Volt an bei Busser, jee nodeem, geet de Voltage erop op ronn 800 Volt. Bei de Busser leien des Batterien ënnert dem Dach an déi eenzel Kabele sinn Giel gezeechent. Am Fall vun engem Akzident mat esou Gefierer erginn sech grouss Gefoerenquellen, jee no Akzident; well ee Mënsch a Kontakt mat ronn 50 Volt kann déidlech Folgen hunn.

An dësem Kontext géif ech deenen zwee Ministere gär des Froe stellen:

1) Wéi eng allgemeng Sécherheetsvirschrëfte a Prozedure musse fir de Fall vun engem Accident mat engem Elektrobus agehale ginn?
2) Kréien déi eenzel Chauffeure a Sekuriste vun den ëffentlechen (CFL, AVL, TICE) a private Busentreprisë eng standardiséiert Formatioun fir sou eng Situatioun ugebueden?
3) An der Äntwert op d'Fro Nummer 1774 vum honorablen Deputéierte Här Fernand Kartheiser vum 24.01.2020 hat d'Regierung zum Thema Accidenter mat engem Elektroauto ënner anerem Follgendes geschriwwen: "*Speziell fir Elektroautoe mussen alleguerten déi elektresch Komponenten" eegensécher" ausgeluecht ginn, dat heescht dass de Stroumfloss vum Akku direct muss ënnerbonne ginn esou bal een Defekt optrëtt. Am Fall vun engem Accident gëtt den Akku direct an automatesch vun allen Héichvoltkomponente getrennt*". Gëlt des Prozedur och fir Elektrobussen? Falls jo, ass séchergestallt, datt aner wichteg Funktioune vun engem Bus, déi onofhängeg vun der Aart vum Motor standardméisseg um Elektreschen hänke, wéi zum Beispill d'Dieren, weider funktionéieren fir d'Leit kënnen ze evakuéieren?
4) Missten d'Passagéier net och doriwwer opgekläert ginn, wéi si sech am Fall vun engem Accident mat engem Elektrobus ze verhalen hätten?
5) Wéi oft hunn Elektrobusse vun der CFL am Joer 2020 missen depanéiert ginn? Wéi presentéiert dëse Chiffer sech fir Busse mat Verbrennungsmotor?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten